Syndicat Chemins de Fer FNCTTFEL/Landesverband
Section AV
news
ogbl.lu

Luxembourg, le 08 octobre 2024

# Rapport de la réunion auprès du Chef de Service AV du 02 octobre 2024

Um Ufank vun der Versammlung kruten d'Delegéiert Informatiounen zu follgenden Themen:

**a) Sécurité au travail**
Bis Enn August dëst Joer hate mir 15 Accidenter, dat läscht Joer haten mir der 22 em des Zäit. Bei de PAT'en si mer vun 21 op 12 erof gaangen. Mir kenne Joer gutt ofschléissen wann et esou weider geet.

**b) Coradia**
De Sonndes den 29.09.2024 war déi offiziell Inauguratioun vun den CFL Coradia'en mat der Faart vu Lëtzebuerg op Ettelbréck. Mëttes war dunn de Start zum kommerzielle Betrib mat Faarten a Richtung Dikrech. Den 30.09 sinn 2 Stéck 2409 an 2410 an de kommerzielle Betrib gaangen.
De Fournisseur schafft un de Problemer vir déi séier ze léisen. Wann bis 4 Cordia'en fäerdeg ginn se op Arel agesat fir 3000er ze ersetzen déi verkaf sinn. Bis Enn dëst Joer sollen 9 Stéck a Betrib sinn. Fir Abrëll 2025 sollen 2450 d'Autorisatioun fir « unités multiples » hunn.

**c) Nei App**
Eng Nei App soll komme fir déi aktuell CFLApp ze ersetzen. D'Aschreiwunge sinn nach bis de 4.Oktober 2024. Enn nächst Joer soll e Prototyp online sinn.

**d) Reuniounen zweschen den Responsabelen aus dem Service AV mat der Aarbechtsdoktesch**
Et si Reuniounen zweschen den Responsabelen aus dem Service AV mat der Aarbechtsdoktesch am gaange fir ze definéiere wéini Agenten inapte sinn, wat se genau däerfe schaffen rsp. wat net.
Ziel ass et fir déi Mataarbechter/innen besser kennen ze beschäftegen an hinnen Aarbecht ze ginn déi se mat de Restriktiounen däerfe maachen.

**e) „Entretien de sécurité“**
En „Entretien de sécurité“ wou iwwer Sécherheet geschwat soll ginn, soll zesumme mam Mataarbechtergespréicher agefouert ginn.

**f) Aarbechten am Wartesall zu Esch/Uelzecht**
Mëtt Oktober fänken zu Esch/Uelzecht d'Aarbechten am Wartesall un. Wärend der Zäit vun den Aarbechte kréie mir e provisoresche Raum zweschen der Protection Unit an dem Chef de Surveillance.

**g) Modeller vu Schung**
Nei Modeller vu Schung kommen 2025, wéi, wat a wou gëtt mam Uniforme Bureau gekläert.

## Äntwerten op Froen vun eisen Delegéierten:

**1. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent obtenir des informations sur les agents travaillant à temps partiel. Ils aimeraient savoir si un accord a été trouvé avec tous les agents concernés ?**

Mat Ausnam vun 3 Mataarbechter konnt mat jidderengem en Accord fonnt ginn. Déi 3 hunn op keng Email geäntwert oder sech gemellt. Delegéiert sinn nach ëmmer der Meenung dass een déi Mataarbechter/innen, déi bis dato schonns am System sinn, esou auslafe sollt loossen a déi Zukünfteg dann ab engem bestëmmten Datum an den neie System sollte kommen. Zemools well dëst näischt un der Personal Situatioun ännert erkenne mir net direkt de Sënn firwat d'Ëmsetzung néideg ass.

**2. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent savoir qui a choisi la nouvelle cravate et pourquoi. Le nœud semble beaucoup trop petit, et les délégués se demandent également à quoi sert l'élastique. De plus, pourquoi les délégués n'ont-ils pas été informés à l'avance ?**

Delegéiert verstinn de Wiessel vum Model net, well den aktuelle Model eréischt rezent mat der Ännerung vum Logo ersat gi sinn, an de Model och nach gutt ass.
Nodeeler vum néie Model sinn:

- De Lastik vun den neien Krawatte geet net séier genuch lass geet falls en Client drun zitt
- De Knuet ass ze kleng an et kann een och keen Neien maachen

Dobäi kënnt nach, dass et eng Standardlängt ass, déi ee just duerch den Lastik e bëssen astelle kann.
De ganzen Dossier gëtt elo ab dem Lancement analyséiert, fir erauszefannen wat do schif gelaf ass a wat dann elo schlussendlech geschitt. De Lastik war eng Demande vum Personal.

**3. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent une augmentation de 100 points pour la masse d'habillement, ce qui porte le total à 300 points.**

Fir all Agent 100 Punkte méi ze ginn ass extreem a kascht vill. D'Méiglechkeet fir Punkten ze sammelen déi een nach iwwreg huet, mat enger maximaler Limite, ass hei awer eng gutt Iddi. Delegéiert hunn ënner anerem gefrot op et net méiglech wär de Mataarbechter/innen all Joer Schong d'office ouni Punkten ze attribuéiere well se déi, egal wéi, all Joer brauchen. Esou hätten Agenten, fir de Fall wou se och emol eng néi Jackett géife brauchen, an déi vill Punkte kascht, méi Punkten um Konto wëll anerwäerts een dat Joer séier mat de Punkte béi ass.

**4. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL demandent que la dotation initiale de l'uniforme pour les stagiaires soit augmentée.**

Mir froe mindestens 5 laang an kuerz Hiemer an net wéi aktuell 3 laang an kuerz Hiemer fir dass Stagiairë wärend den Coursë da wéinstens eng ganz Woch domat auskommen.

**5. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL s'interrogent sur les principes utilisés pour répartir les agents dans les différents roulements, et demandent pourquoi les agents n'ont pas eu le choix, surtout en raison du fait que les nouveaux roulements imposent des horaires différents par rapport aux années précédentes. Ils souhaitent également savoir si l'ancienneté a été prise en compte lors de cette répartition.**

D'Agente sinn an déi respektiv Roulementen agedeelt ginn, esou dass et mat de Schichten an Repos'en gepasst huet fir de Wiessel vum alen op den neie Roulement ze garantéieren. Am franséischem Roulement blouf 1 Persoun iwwreg, déi Saach huet sech awer ouni Problem gekläert. Onglécklech war, dass déi néi Roulementen zur selwechter Zäit un d'Leit geschéckt ginn si wéi Aschreiwunge fir déi rout Congéë. Bis den 13. Oktober 2024 kann een sech mat Argumenter manifestéiere fir en anere Roulement; aktuell hunn 3 Agenten sech gemellt. Delegéierte vum OGBL/Landesverband setzen sech dofir an, dass zukünfteg d'Anciennetéit agehale gëtt.
Déi Roulementen déi fräi gi sinn, goufen net mei besat. Am franséische Roulement blouf 1 Persoun iwwreg, déi Saach huet sech awer ouni Problem gekläert.

**6. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent obtenir des informations sur les principaux changements prévus dans les roulements des agents PAT pour le changement d'horaires 2025.**

- Enn November ginn ewéi all Joer Horaire a Roulement Versammlungen organiséiert wou de Responsabele vum Projet Roulement dem interesséieren Personal alles virstellt.
- Mise en service vun de Coradia mat Faarten op Dikrech an dann Arel fir progressiv Z2000 aus dem Betrib ze huelen.
- Tréier West dauert nach a gëtt net fir Fahrplangwiessel a Betrib, wann et bis esouwäit ass gi mir informéiert.
- Fir op Lonkech gëtt e supplementären Zuch Moies an Owes gefuer.
- Op der Ligne 60 ginn 3er Rammen duerch 5er ersat.

**7. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent une réduction du nombre de tests sur ordinateur et ceci conformément à la norme ISO 9001 « Formation continue » du 12 juin 2023, paragraphe 5.1.4 - Contrôle des connaissances professionnelles sur ordinateur, laquelle prévoit ces tests au moins une fois par mois.**

Dat Dokument vun der Formatioun continue ass net à jour a muss à jour gesat ginn. Déi lëtzebuergesch ECP gëtt analyséiert fir do eppes ze änneren. An de Question Mark si verschidde Froen net à jour well eppes an der Reglementatioun geännert huet, dat muss onbedéngt séier verbessert ginn. Delegéiert fuerderen, dass dëst séier geännert gëtt, eis Leit mussen ëmmer méi léieren an Tester maachen zousätzlech zu deenen anere Missiounen an Aufgaben.

**8. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent obtenir des informations concernant le tri des poubelles placé dans le bâtiment « Fëschhal » et demandent pourquoi les gares satellites ne sont pas équipées de ce système de tri ?**

Déi Poubellë kënnen direkt iwwer den Achat bestallt ginn, et war emol virgesinn e Prototyp an der Stad ze testen, allerdéngs muss och beim Eidel maachen den Tri gemaach ginn, soss huet dat ganzt kee Sënn.

**9. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent obtenir des informations sur le tronçon « Weststrecke ». Quels sont les changements d'horaires prévus pour 2025 ?**

D'Weststreck RB83 gëtt net fir de Fahrplangwiessel dëse Dezember op. Dat soll dann awer hoffentlech am Laf vum Joer 2025 de Fall sinn, da soll wéi elo schonns, 1x d'Stonn gefuer ginn allerdéngs net iwwer Tréier Hbf mee iwwer Weststreck, mam Personalwiessel tëschent PAT a KIN zu Waasserbëlleg wéi et elo och de Fall ass. Den 1. Zuch op Wittlich soll um 5h10 an der Stad fort fueren. Den Düsseldorfer bleift wéi et elo ass mat engem Aller moies an engem Retour nomëttes.

**10. Les délégués du syndicat Chemins de fer FNCTTFEL/Landesverband de l'OGBL souhaitent obtenir des informations détaillées sur l'effectif des agents PAT. Ils veulent savoir combien de ces agents travaillent à temps plein, combien travaillent à temps partiel et combien sont en situation d'inaptitude.**

Zuele bis den 01.10.2024 :

- 48 Stagiairen déi an der Formatioun sinn
- 186 Agenten déi 100% schaffen
- Temps-Partiel : 52
- Inaptitudes temporaire 10 ; definitiv 18

**Les délégués du personnel du Service AV du syndicat Chemins de Fer FNCTTFEL/Landesverband**


Dionisio BATTISTA
*Délégué titulaire*
*Membre comité*


Jérôme TRAUSCH
*Délégué titulaire*
*Membre comité*


Henri Klein
*Membre comité*


Giuseppe Papillo
*Membre comité*


Nick WEYLAND
*Délégué suppléant*
*Membre comité*


Eldin DURAKOVIC
*Délégué suppléant*
*Membre comité*


Franklin Zinga Casemiro
*Membre comité*


Dany Machado Oliveira
*Membre comité*

Rapport CdS AV - Scan me!

**Comment s'adhérer et comment se désaffilier de son syndicat actuel ?**